N° 8090
Entrée le 14.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.06.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/06/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An enger aktueller Informatiounscampagne sensibiliséiert de Mobilitéitsministère d'Autosfuerer an aner Chaufferen iwwert den obligatoresche Sécherheetsofstand vu mindestens 1,5m beim Iwwerhuele vun engem Vëlo.

An deem Kader stellt sech d'Fro wéi et ëm Iwwerhuelmanöver tëscht Autoen a Vëloen op enger "Voie suggestive" ("Angebotsstreifen") steet. Hei gesäit den Arrêté grand-ducal du 23 novembre 1955 portant règlement de la circulation sur toutes les voies publiques nämlech Folgendes vir:

> ***Art. 118 §1 a)**:*
> *(...) Toutefois, si la densité de la circulation le justifie, les conducteurs de véhicules peuvent circuler en files parallèles*
> *- sur les chaussées à double voie de circulation dans le même sens;*
> *- sur les chaussées à sens unique divisées en voies de circulation;*
> *- sur les tronçons de chaussées spécialement signalés à cet effet;*
>
> ***Art. 125:***
> *Dans les cas visés à l'article 118, paragraphe 1 sous a), le fait que les conducteurs d'une file ou voie de circulation circulent à plus grande vitesse que ceux d'une autre file ou voie de circulation n'est pas considéré comme dépassement.*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Gëllt den Ofstand vun 1,5m och wann een Auto een Velo, deen op enger Voie suggestive ass, iwwerhëllt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten